



Wanter am Bësch

Wanterschlof

Virum Wanterschlof mussen d'Déieren am Hierscht ganz vill friesen, fir fett ze ginn. Dës Speckschicht gëtt am Wanter verbraucht a wann d'Déieren am Fréijoer erwachen, si si ganz gouereg. Am Wanterschlof geet alles méi lues: e Kéiseker otemt nach just 3-4 x an der Minutt (waakreg: 40-50 x), säin Häerz schléift nach just 8-9 x an der Minutt (waakreg: 170-200 x) a seng Kierpertemperatur fällt vu 36°C op 5-10°C. Bei enger Kierpertemperatur vu 5°C erwächt de Kéiseker, verbraucht Energie, fir de Kierper erëm opzehéizen a schléift duerno weider.



9 Bontspiecht

Buntspiecht, pic épéiche, great spotted woodpecker, *Dendrocopos major*

- lessen: Insekten, Som vun Dännenzäpp
- Fënn och am Wanter Insektelarven ënner de Bamschuelen.

11 Kéiseker

Igel, hérisson, hedgehog, *Erinaceus europaeus*

- lessen: Insekten, Schleeken, Wierm
- Hält e Wanterschlof ënner engem Holzkoup. Virum Wanterschlof solle jonk Kéisekeren op d'Mannst 500 g weien.



20 Markollef

Eichelhäher, geai des chênes, eurasian jay, *Garrulus glandarius*

- lessen: Eechelen, Bucheckeren
- Sicht am Wanter déi Eechelen, déi hien am Hierscht verstoppt huet.



21 Spann

Spinne, araignée, spider

- lessen: Insekten
- Geet och am Wanter op Insektejuegd



19 Bussar

Bussard, buse, buzzard, *Buteo buteo*

- lessen: Mais, Wierm, doudeg Déieren
- Huet Problemer säin lessen ze fannen, wa Schnéi läit.



12 Éisleker Poufank

Bergfink, pinson du nord, brambling, *Fringilla montifringilla*

- lessen: Insekten, Kären, Bucheckeren
- Ass am Wanter bei ons besonnesch a Bichbëscher, mee och op Fudderplazen ze gesinn.



18 Schielmees

Kohlmeise, mésange charbonnière, great tit, *Parus major*

- lessen: Insekten, Kären
- Kënn am Wanter dacks op Fudderplazen am Gaart.



15 Himmelsdéierchen

Marienkäfer, coccinelle, ladybird


- lessen: Blattläs
- D'Kiewerleken iwwerwanteren ënner der Schuel vu Beem.



13 Meekiewerlek

Maikäfer, hanneton, cockchafer, *Melolontha melolontha*


- lessen: de Kiewerlek frësst Blieder an d'Larv Wuerzelen
- Am Wanter gruewen d'Larve sech méi déif an de Buedem, fir do hiert lessen ze fannen. Kiewerleken, déi am Hierscht aus der Popp geklomm sinn, schlafen am Buedem bis d'Fréijoer.



16 Dausendbeen

Tausendfüßer, millipède, millipede

- lessen: ofgestuerwe Planzendeeler
- D'Dausendbeen iwwerwantert ënner engem Stéck Holz am Buedem.



6 Duess

Dachs, blaireau, badger, *Meles meles*

- lessen: Wierm, Schleeken, Insekten, Mais, Uebst
- Ésst am Hierscht ganz vill, mä hien hält kee Wanterschlof. Just wann d'Wieder him ze schlecht ass, bleift hien doheem. Meeschtens geet hien awer owes raus, fir lessen ze sichen.



22 Mëschtkiewerlek

Mistkäfer, géotrupe des bois, dung beetle

- lessen: Kack vun Déieren, muuschteg Champignonen
- Seng Larven liewen de ganzen Wanter an hirem Restaurant (eng Bull Kack), wou si genuch z'lessen hunn.



7 Wäschbier

Washbär, raton laveur, racoon, *Procyon lotor*

- lessen: Schleeken, Wierm, Mais, Friichten
- De Wäschbier hält kee Wanterschlof, hie schléift an Hielen am Buedem oder a Beem. Just wann d'Wieder ze schlecht ass, bleift hien doheem.



3 Fuuss

Fuchs, renard, fox, *Vulpes vulpes*


- lessen: Mais, Insekten, Wierm, Schleeken, Uebst, doudeg Déieren,
- De Fuuss ass dat ganz Joer ënnerwee.



8 Bëschspëtzmaus

Waldspitzmaus, musaraigne carrelet, common shrew, *Sorex araneus*

- lessen: Insekten, Wierm, Dausendbeen
- Spëtzmaus hale kee Wanterschlof. Si mussen all Dag esou vill lessen, wéi si selwer weien. Gëtt et méi wéi 6 Stonnen näscht tëschent d'Zänn, stierwen d'Bëschspëtzmaus.



2 Réi

Reh, chevreuil, roe deer, *Capreolus capreolus*

- lessen: Blieder, Knospen, Bamschuelen, Gras, Kraider
- Ass am Wanter ënnerwee fir säin lessen ze fannen.



1 Bëschfliedermaus

Grosser Abendsegler, noctule commune, common noctule, *Nyctalus noctula*

- lessen: Insekten
- Iwwerwantert a Bamlächer an och an Hielen (Wanterschlof). Wa Fliedermais am Wanter dacks erwächt ginn, verbrache si zevill Energie a stierwen dann.



5 Mouk

Kröte, crapaud, toad, *Bufo bufo*

- lessen: Wierm, Schleeken, Insekten
- D'Mouk buddelt sech an de Buedem an, fir e Wanterschlof ze halen.



4 Siweschléifer

Siebenschläfer, loir, edible dormouse, *Glis glis*

- lessen: Uebst, Eechelen, Bucheckeren, Nëss, Insekten, Eeër, kleng Vullen
- Hält e Wanterschlof vu bal 7 Méint (Numm)
- D'Réimer hunn d'Siweschléifer am Hierscht gutt gefiddert a si dann am Wanter giess.



10 Kaweechelchen

Eichhörnchen, écureuil, red squirrel, *Sciurus vulgaris*

- lessen: Nëss, Eechelen, Bucheckeren, Friichten, Som vun Nolebeem
- Verstoppt säin lessen am Hierscht, fir et am Wanter sichen ze goen, hält also kee Wanterschlof.

